

Mir tätowéieren :

Den Telefon rabbelt, Papp komm mol séier
En Här fret eppes vun den Déier
Hallo hei Jos, matt weem schwätzen ech
Ech soutz grad bei der Zopp um Desch
Hei ass de Flepp, ech gleewen daat,
Ech hun gestéiert, don och virwat,
Tätowéiert muss eng Rotscheck kréien
Kenns du nach haut, daat wir jo schéin.

De Jos helt d'Geschier matt senger Mapp
A setzt sech gläich doropp an Trapp
So Flepp, hei sin ech Gott sei Dank
Da Biereg heirop den ass esou lank
Komm an de Stall, mir fänken un
Wivill sin der Haut dann drun
Sieven a véier, da bass de lass
Déi zweet ass eng kleng Rass.

De Jos sicht en Dösch, et ass keen do
Oh Mamm waat mache mer dann elo
Hei ass eng Köscht daat geet duer fir Déier
Däi Buch lee dohannen néier
Op de Buedem setzt Ziffer an Tusch
Do fällt näischt rof, soss ass et husch
De Jos, heen geet lanscht d'Kagen lo
Et ass keng Aal matt Jongen dô
Wou sin se dann, déi Krappesch Déier
Fir si ze gesinn war een Pleséier.

Majo Jos, du sees daat sou
Déi Aal huet hinne geloss keng Rou
Ech hun se verdeelt hei newen drun
Datt sie och sollen hir Rouh mol hun
Hei ass 0.1 an do 1.0
Pass op soss sprengt déi do vum Stull
Vun der Mamm ass d'Nummer déi hei
De Papp mengen ech wir deen elei.

Jo Flepp, ech gleewen dir jo
Ma kuck deng Statuten nô
Wann déi kleng net sin bei der Mamm
Ech och net tätowéieren kann
Ech gleewen dir, hun awer keen Beweis
An domatt glötschen ech um Eis
Déi do sin jo sou grouss wéi d'Mamm
Do sin och méi wéi zwee Wochen drann

Flepp deet mer leed, et ass net meng Schold
Du selwer hues et gewollt
Ech däerf net géint Statute goen
Meng E'er géif ech dô jo wohn
Déi nächste Kéier riffs de mech dann
Wann déi kleng nach sin bei der Mamm
Besuerg dann och een richtigen Desch
A keng esou kleng Makaronis-Kescht
Suerg och fir een Deckschäin, daat ass wichteg
Déi anner Kéier mach daat dann richtig
Gesetz bleiwt ëmmer nach Gesetz.

Léif Ziichter hei am ganze Land
Mir all sen Kanner vum Landesverband
Mir zéien all vun enger Strepp
De Jos an och de Flepp

An all Verein ass sou een Jos
Seng Arbicht ass net emmer een Genoss
Iwwerall ass och de Flepp
Hien zéit net emmer un der Strepp

Hien ass lo rosen matt dem Jos
Daat ass jo onnéidegen Verdross
D'Statute leesen muss hien och elo
Dofir sin déi Denger do

Helleft all, sot dem Flepp
Daat och hien zéit un der Strepp

Thull Jean